N°2301
Entrée le 06.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2301 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Ass de Ministère iwwert dëse Fall informéiert a wat ass säi Standpunkt zur Inklusioun vu Schüler mat besonnesche Besoinen an den ëffentlechen Écoles Internationales zu Lëtzebuerg?**

Meng Servicer sinn den Dag selwer op deem den honorabelen Deputéierten dës Fro gestallt huet, iwwert de Fall informéiert ginn. De Ministère setzt sech zanter laangem fir d'Inklusioun vu Kanner mat spezifesche Besoinen an. Zanter dem Akraafttrieden vum Gesetz iwwer d'schoulesch Inklusioun vun 2017 ass d'Personal dat an dësem Beräich intervenéiert méi wéi verduebelt ginn. Aus dësem Grond sinn ech der Meenung, datt feelend Ressourcen kee valabelen Grond ass, fir e Kand mat spezifesche Besoinen an enger Schoul net opzehuelen.

Allerdéngs ass et an dësem Fall esou, datt de Schüler eng Orientatioun op eng 6e vun der Voie de préparation recommandéiert krut. Déi vun den Elteren viséiert S6 vum europäesche System entsprécht awer enger 2e vum nationalen Enseignement secondaire classique oder Enseignement secondaire général. Eng Admissioun op enger Klass S6 hätt deemno net den Besoinen an Kapazitéiten vum Schüler entsprach, an wier och vum Reglement vun den Europaschoulen ausgeschloss gewiescht.

D'Schüler aus den ëffentlechen internationale Schoule profitéieren, de Fall gesat datt dëst erfuedert ass, vum selwechten Dispositif fir d'Prise en charge vu Schüler mat spezifesche Besoinen wéi d'Schüler aus allen aneren ëffentleche Schoulen, dëst onofhängeg vun hirer geografescher Lag.

An dësem Dispositif spillt déi national Inklusiounskommissioun (CNI) déi zentral Roll.

Aktuell hunn 1.259 Schüler en Dossier an der Inklusiounskommissioun (CI) vun enger vun den ëffentlechen internationale Schoulen ; dovunner ginn der 252 duerch ee Kompetenzzenter begleet, a 679 profitéieren der vun Aménagements raisonnables. Zum Deel handelt et sech heibäi em Iwwerschneidungen, well eng Moossnam déi aner net ausschléisst.

Et sief awer preziséiert, datt net all Schüler mat spezifesche Besoine tatsächlech spezialiséiert Moossname brauch oder freet. Et ass deemno net méiglech, déi genee Zuel vun dëse Schüler ze bestëmmen.

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH